ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 23/12/2023

Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

Sëtzung vum 11 Dezember 2023

Presenzen

Present	Net present
DOEMER Patrick	BOCK Stefanie (entschëllegt)
KIEDER Diane	BROSIUS Thierry (entschëllegt)
PINTO Toni	CINCIS Patrick (entschëllegt)
REDING Corinne	LEROY Michelle (entschëllegt)
WETZEL Mike	MEYER Louis (entschëllegt)
WIRTZ Sandra	

Punkt 1 : Nominatioun vun den Posten

Majoritéit huet Posten sou bestemmt:

- Präsident: PINTO Toni
- Vize-Präsident: LEROY Michelle
- Sekretäre: WETZEL Mike

Punkt 2 : Chrëschtmaart

Et mierkt en nach ëmmer dass Helperknapp eng Fusiouns Gemeng ass. Sou sinn bei der Editioun 2023 vum Chrëschtmaart nëmmen Bricher Veräiner vertrueden. Bei zukünftegen Manifestatiounen sollen all Veräiner integréiert ginn. Wann Veräiner aus der ganzer Gemeng ugeschriwwen ginn fir kennen bei Manifestatiounen deelzehuelen kennen déi sech besser Integréieren an et kann eng gemeinsam Kultur geschafe ginn. An dem Sënn wär et eventuell och besser den Chrëschtmaart géing “Helperknapper Chrëschtmaart” heeschen.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 23/12/2023

Punkt 3 : Kulturpass

Well Aarmut zu Lëtzebuerg[1] ëmmer mei klemmt huet cultur@all asbl als Ënnerstëtzung fir Leit mat manner Revenu den Kulturpass ob Been gestallt. Dësen soll hëllefen, dass des Leit net vun der Kultur ausgeschloss sinn. Dësen Pass erlaabt et fir 1,5€ u kulturellen Evenementer deelzehuelen. Awer nëmmen Leit déi die statlech Krittären erfëllen kennen dësen Pass ufroen. Dëse Pass ass och just gülteg fir Evenementer zu Lëtzebuerg, déi bei dëser Aktioun matmaachen.

D'Aufgab vun der Gemeng Helperknapp wär et dëse Pass auszestellen, well sensibel Donnéeën vun den Demandeuren neidesch sinn, an dann den Kontakt mat dem Organisatiounsveräin ophuelen. Ob dësem Site kann eng interesséiert Persoun, eng Demande fir de Kulturpass ze kréien, stellen: https://guichet.public.lu/fr/citoyens/loisirs-benevolat/culture-tourisme/activites-culturelles-lux/demande-kulturpass.html
Gemeng misst awer och den finanzielle Ausgläich zu den 1,5€ iwwerhuelen. Weider Informatiounen zum Kulturpass an der asbl fënnt en ënner: https://www.kulturpass.lu

Kulturkommissioun géing sech freeën wann de Gemengerot heizou säin Feedback kéint ginn.

Punkt 4 : App

Den Membere vun der Kommissioun sinn an der neier App vun der Gemeng Helperknapp puer Saachen opgefall déi net richteg funktionéieren oder verbessert kéinte ginn an relevant fir Manifestatioun sinn.

- Um Startbildschirm gesäit en just nach puer vun den nächsten Evenementer. Hei wär et besser wann en och eng Kaachel hätt fir den Agenda an den Menü net just am Hamburger-Menü verstoppt ass.
- Am Agenda Antrag zu enger Manifestatioun ginn déi dréi Buttons Telefon, Mail an Map net.
- Bei verschidden Evenementer ass de Flyer net sichtbar.
- Et muss de Veräiner matgedeelt ginn, dass nëmme Biller direkt sichtbar sinn an PDF Dateien nëmmen an enger View sinn.
- Et muss méiglech sinn an e Flyer ze zoomen
- Aus Accessibilitéits Grënn muss den Text vun engem Flyer als richtegen Text agedroen ginn.
- Et feelen nach Fotoen vun Leit déi ob der Gemeng schaffen
- Kultur Kommissioun huet sech gefroot ob Kommissiounen och an der App mussen sinn.

Et wär hëllefräich wann eng Charte Graphique vun der Gemeng géing ausgeschafft ginn, fir dat d'Veräiner wëssen, wéi eng Formater erlaabt sinn a wéi Dokumenter sollen opbereet sinn, fir dat d'Inhalter richteg ugewise gi.

[1] https://www.kulturpass.lu/de/culturall-asbl/#economic-social-context

Helperknapp, 23/12/2023

Punkt 5: Beem fir de Gemengerot

Fir all Member den d'éischte Kéier an de Gemengerot gewielt goufen ass geplangt ee Bam ze planzen mat enger Plackett „Gemengerot Helperknapp 2023 - 2029". Zur Aweiung soll en Éierewäin organiséiert ginn.
Detailer ginn an der nächster Versammlung am Februar geplangt sou dat de Bam am Fréijoer geplanzt kann ginn.

Punkt 6: Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass de **6 Februar um 19h00** Auer am grousse Gemengesall zu Téinten.

Ordre du jour:

1) Organisatioun Planzaktioun
2) Identifizéieren vun néie Projeten
3) classement patrimoine national
4) Divers
5) Nächst Sëtzung bestëmmen